



REPRISE VUM CHAMPIONNAT **Informationen zur Schnellteststrategie**

1. Tester

Wou kréie mir Tester?

- Tester mussen per Mail beim Ministère des Sports ugefrot ginn mat engem Formulaire (annexe n°1) (schnelltest@sp.etat.lu).
- E Responsable vum Club geet d'Tester ob den Ministère des Sports (um INS) sichen, an engagéiert sech fir d'Konditioun vum der Schnellteststrategie, déi vum Ministère matgedeelt goufen, ze respektéieren an anzehalen.

Wien a wéini gëtt getest?

- Et gëtt fir all Match vum offiziellen Championnat getest. Tester fir Frëndschaftsmatcher sinn unzeroden.
- All Spiller, Coach, Arbitter esou wéi all Member vum Staff (Assistcoach, Kiné, ...) muss getest ginn an dierf nëmmen mat engem negative Resultat um Match deelhuefen.
- Et sinn 2 Tester pro Woch virgessinn:
 - Een Test maximum 48 Stonne virum Match, deen obligatoresch D'Resultat vun dem Test muss negativ sinn, fir dass de Spiller um Match dierf deelhuefen.
 - Een zweeten Test, wa méiglech an engem Ofstand vun 3-4 Deeg zu dem Test virum Match (eventuell Dënschdes um Training). Dësen Test ass fakultativ, mee strengstens unzeroden.
- Am Fall wou eng Ekipp 2 Matcher an enger Woch huet, muss 2 mol virum Match getest ginn. En zousätzlechen Test, ass dann net méi néideg.
- E Spiller, Coach, Arbitter esou wéi en Member vum Staff (Assistcoach, Kiné, ...) deen en negative PCR Test huet, deen net méi wéi 72 Stonnen al ass, brauch kee Schnelltest virum Match ze msachen an dierf matspillen.

Wien mëscht Tester?

- Just ë "Professionnel de la santé" (Dokter, Infirmier, CGDIS, Kiné,..) dierf dës Tester maachen. Déi Persoun muss och eng online Formatioun (+- 1h30) matmaachen. Des Formatioun fann dir hei: <https://www.covid-test-ag.lu/>
- All Club muss eng "Testpersoun" mandatéieren. Wann keng "Testpersoun" fonnt gëtt, kënnt dir d'FLBB kontaktéieren an mir kuken zesummen eng Léisung ze fannen. (covid@flbb.lu)

Wat kascht eis dat?

- D'Schnelltester gi vum Ministère gestallt.
- Bei zousätzleche Käschten, déi duerch d'testen ufalen, gräifen d'FLBB an de Ministère de Clibb ënnert d'Äerm. Dofir biede mir d'Clibb, en Decompte ze féieren.



Administratives

A) Declaration de consentement

- All Spiller **muss** eng "Déclaration de consentement" (annexe n°2) ausfüllen. Eng Kopie vun dëser Deklaratioun muss un d'FLBB (covid@flbb.lu) geschéckt ginn. Des Deklaratioun gëtt RGPD konforme behandelt an un de Ministère de la Santé geschéckt.
- Am Fall wou de Spiller nach net volljäresch ass, muss des Deklaratioun vun den Elteren ënnerschriwwen ginn.

B) Log-Buch

- No all Test muss e Log-Buch (Excel) gefouert ginn, wat direkt muss no der Testséance per MyGuichet.lu un d'Direktioun vun der Santé geschéckt ginn. (annexe n°3)

C) Positiivt Resultat

- E Spiller, respektiv Member vum Staff, Arbitter deen positiv getest gëtt, muss bei der Santé gemellt ginn an direkt fir 10 Deeg an Isolatioun. No 10 Deeg oder engem negative PCR Test (Info un covid@flbb.lu), däerf de Spiller aus der Isolatioun eraus.
- D'Matspiller déi negativ getest ginn sinn, däerfen um Match deelhuefen an brauchen keen zousätzlechen Test ze maachen.

D) Relevé

- De Relevé (annexe n°4) wéivill Tester gemaach goufen muss ee mol d'Woch un d'FLBB (covid@flbb.lu) geschéckt ginn. D'FLBB schéckt déi Informatiounen weider un de Ministère des Sports.

E) Kontroll virum Match

- D'Log-Buch vum Test, bzw. eng Lescht(just d'Nimm) mat den negativ geteste Spiller an Offizieller gëtt virum Match vum Offiziellen Dësch, vum Kommissär an/oder vum éischten Arbitter mam Spillbou verglach. Ob de Bou dierfen nëmmen negativ geteste Spiller. Ass dëst net de Fall, gëtt de Match net ugepaff.
- Eng Kopie vum Log-Buch oder vun der Lescht muss och un d'FLBB (covid@flbb.lu) geschéckt ginn bis spéitstens 8 Stonnen virum Match.

F) Arbitter

- D'Arbitter ginn 1x d'Woch, maximum 48 Stonnen virum Match getest. Am Fall wou den Arbitter sollt zwee Matcher an enger Woch hunn, muss och dësen zwee Mol getest ginn. Dëst entweder bei hirem oder dem nooste TOTAL League Club, oder ausnamsweis virum Match vun der "Testpersoun" vun der Heemekipp.
- D'Clubb sollen dowéinst der FLBB (covid@flbb.lu) den Datum, Auerzäit, d'Plaz an d'Persoun déi Tester duerchféiert vun hirem obligatoreschen Test matdeelen. D'FLBB informéiert d'Clubb falls een Arbitter bei si kënnt. (annexe n°5)



2. Vestiaires an Duschen

- Den Zougang zum Vestiaire ass nëmme fir Spiller, Offizieller an Arbitter mat engem negativen Testresultat erlaabt.
- Maximum 10 Leit pro Vestiaire. Wa méiglech solle pro Ekipp 2 Vestiaire disponibel sinn. Och am Vestiaire gëllt Maskepflicht.
- Den Ofstand vun 2m ass zu all Moment obligatoresch, och an der Dusch.
- Wann d'Vestiairen extrem kleng sinn, an den Ofstand vun 2m net agehale ka ginn, soll wa méiglech doheem geduscht ginn.

3. Matcher

- De Match gëtt just ugepaff, wann d'Spiller um Bou alleguerten negativ getest ginn sinn (cf. 1. Kontroll virum Match)
- Spiller, Arbitter an den Head Coach brauche während dem Match keng Mask unzehunn.
- Den Offiziellen Dësch, de "Responsable de Salle", d'Statistiker, an all aner Persoun déi direkt um Match bedeelegt ass muss während dem Match eng Mask droen an 2m Ofstand halen (eng FFP2 Mask ass unzerooden).
- Um Niveau vum Terrain dierfen nëmmen déi Léit sech ophalen, déi direkt um Match deelhuefen.
- Ëmäermelen, Ofklappen (och nom Match), oder Gespréicher mam Géigner ouni Mask oder néidegen Ofstand gehéiere net zum normale Spillbetrib, a sinn ze ënnerloossen.

4. Allgemeng

- D'FLBB, esou wéi och de Ministère (Sports an Santé) sinn sech bewusst, dass och duerch teste keng 100% Sécherheet besteet, mee et hëlleft de Risiko ze minimiséieren.
- Wann 3 oder méi Spiller positive getest ginn sinn, däerf de Match verluecht ginn.
- Den Openthalt an der Hal ass op de Match an d'Duschen ze limitéieren. De Patt duerno gehéiert net méi zum Match!
- Déi Acteuren, déi während dem Match eng Mask droen müssen, sollen wa méiglech eng FFP2-Mask droen. D'FLBB stellt dofir eng Rei Masken zur Verfügung. T'Clubb sinn gebieden sech bei der FLBB ze mellen (covid@flbb.lu).
- Bei Symptomer muss de Spiller doheem bleiwen.
- Et si keng Zuschauer erlaabt. D'Buvette bleift och zou.
- D'Press soll eng zougewisen, fix Platz anhuelen an et besteet eng permanent Maskepflicht.